Schlüpferesch II
Jempy ‚Thériente' Welter

Stued Theater
CD ST002

D'Liddtexter

2 Kuckt de Frantz!

Weis: *Aline*
Musek: B.Hennion

1.
Den Härgott gällech,
an all di Helleg
déi hunn hir Plaz verluer
Haut gëllen d'Broden
Wat ech iech roden
Dat ass: Um Rad gefuer!
Mam Biele wëschen
Sech Primme fëschen
Dat ass di bescht Relioun
`t ass gesond fir de Schlack an de Stullgang
a wënnt iech vive eng Millioun!

<u>Kuckt den Nick</u>
Frantzen Nickla vu Mamer
wien och kënnt `t ass egal, all déi ha mer
den Nick dee wichst se all am Embalage
a weist en hardimang de breede ... Réck
A seng Mamm, déi gutt Fra „Wichs se!",
seet se
"Ech sinn do!", rifft den Nick an en heet se
D'ganz Land deet Kreesch ewéi aus engem
Monn: „De Frantz huet nees gewonn!"

2.
Esou ze rennen
Dat muss ee kennen
Soss geet ee flang op d'Nues
De Frantz probéiert
Räisst un a féiert
`t geet him zumeescht ze lues!
Déi aner raschten, fir net ze baschten
seng Force bleift ëmmer gläich
Wien `t och ass, jidderee kritt den Dadder
Gëtt krank a bleech wéi eng Läich!

3.
Zu Mamer selwer
Hunn d'Kéi an d'Kälwer
An d'Leit vill méi Gedriff
D'Mass gëtt méi séier
Den Här kritt d'Kéier
Um Altoer vill méi vive!
An amplaz eemol
Lee'n d'Hénger zweemol
Dës Daags a vill méi déck
Aus dem Krunn leeft de Béier méi séier
A mécht d'Leit lëfteg a fléck!

4.
An d'Hänn ze späitzen
A „Vive!" ze jäitzen
Dat bréngt jo wuel näischt an
Sech opzerafen
Op Metz ze lafen
Amplaz säin Holz ze ha'n
Den Nick ze kränzen
An d'Schoul ze schwänzen
An dann eng Schnäitz ze kréi'n
`t ass am Fong fir e gutt auszelaachen
dat stëmmt, mä `t ass ower schéin!

3 Lidd vum Kréier a vum Frantz

Weis: *Ich hab mein Herz in Heidelberg verloren*
Musek: Fred Raymond

1.
Eist Ländchen dat ass klinzeg
`t verschwënnt bal op der Kaart
Och soss do ass et binzeg
`t gëtt ower nach gefaart
Si mir och ëmmer hannen
All iwwerall um Schwanz
Dann hu mir dach Chance
An dem Tour de France
Mam Kréier a mam Frantz!

<u>Déi zwéin hu méi</u>
Am Réck an an den Héisen
Wéi zéng Minist'ren an der Boss
Si maache méi
Fir Lëtzebuerg z'erléisen
Wéi all Vertrag
Eis Chamber an de Goss
Mä `t ass kee Wonner
Wann s'op hinne reiden
Den Desgrange's Hari
Mat der ganzer Klick
Wat hinne feelt? Et gëtt bei hire Leiden
Kee Kréier a kee Frantzen Nick!

2.
A Frankräich do sinn d'Stroossen
Net breet mä schrecklech laang
Déi Zwéin déi gi wéi rosen
Dem Desgrange gëtt et baang
Ass dann d'Etapp eriwwer
Knoutert hie mat Gegranz
A verbass'nem Monn:
"Nondikassen Honn!"
Dee Kréier an dee Frantz!

3.
Fiert dann aus Frankräich, Belgien
Italien an der Schwäiz
E Coureur op de Felgen

Gëtt gläich e schrot Gejäitz:
„Kuckt! D'Lëtzebuerger Raiber
all Pneu bleift hinne ganz!"
Wien drop sechs Mol platzt
Mat der Pompel jattst
De Kréier an de Frantz!

4.
D'Fransouse goufen dréideg
Schonn an der éischter Woch
Si wore luewesnéideg
Dat wosst den Desgrange och
Si koumen an den Himmel
Si kruten all e Kranz
Wien huet drop gerotzt
A sech d'Keess gebotzt?
De Kréier an de Frantz!

4 Juegdlidd

Weis: *Elle danse le charleston*
Musek: L.Th.Langlois

1.
`t gëtt mat Suergen a mat Flemm
all Dag ee méi gehäit
Wat haut néideg dat sinn d'Kämm
Well `t ass eng lauseg Zäit
Donnerflätsch, Krënondikass!
D'Mëttel wat nach besser ass
Wann dir d'Box vu baussen
an äert Häerz vu bannen z'rass
Dat ass eent, wat ech iech ginn
`t heelt all Kränkt ounst Medezin!

<u>Huelt de Rucksak, huelt de Fisek</u>
Gitt op d'Juegd!
Muergens, Mëttes, ëm den Owend, an der Nuecht
A knallt drop lass a mat Genoss
Dann hutt dir d'Leed geschwënn erschoss!
Stellt iech vir e klengen Hues
Dat wier e Léiw
Maacht e Lämmergeier gläich aus enger Spréif
An de Kuraasch deen dir gewannt
Gëtt e Stouss, mécht iech grouss
Mat dem Fisek an der Hand!

2.
Huet dir iech e Kuerf gefëscht
Bäim Freien oder soss
Huet är Fra iech mol erwëscht
A leit dir am Verdross
Späert se iech all Dieren zou
Roost se ‚rang, perdang, perdou!'
Mengt dir dann am Eescht
Dir géift äert Liewen net méi frou
Besser da wéi Aspirin
Wann ee kann
Ass dës Med'zin!

Huelt de Rucksak, huelt de Fisek
Gitt op d'Juegd!
Muergens, Mëttes, ëm den Owend, an der Nuecht
A knallt drop lass a mat Genoss
Dann hutt dir d'Leed geschwënn erschoss!
Biicht op all Hues, all Wëllschwäin an op all Fox
Mä passt op, schéisst kengem Mann e Lach an d'Box
Soss gëtt et eng gepeffert Zooss
An der Box, an och soss
Méi Verdross ewéi Genoss!

5 Un der Atert

Weis.: *Oh my darling, Clementine*
Musek: trad.

1.
Un der Atert, no beim Waasser
Wou di grousseg Pëppele stinn,
Wunnt de Bauer Péitsche Lauer
A säi Meedchen d'Josephin

<u>O meng Modi, wat e Stodi</u>
Voller Zodi, Josephin
Ech gesinn dech nach e wéineg
An da ginn ech Josephin

2.
Hie wor ëmpeg, hatt wor dëmpeg
Sou eng Nuddeldampmaschinn
Hien hat néng an sengen Händchen
Dofir zéng hat d'Josephin

3.
Eemol gong et, eemol stong et
Bei der Baach eist Josephin
An du rëtscht et an du glëtscht et
Flupp an d'Baach eist Josephin

4.
't huet gesuddelt, 't huet gespruddelt
An der Baach eist Josephin
Well ech awer d'Waasser scheien
Looss'n ech et leien d'Josephin

6 De Stoussnéckel

Weis: *Lang, lang ist's her*
Musek: trad.

1.
Huet mol en zwouch een eng Elle gestiicht
<u>Alles fällt op mech, alles fällt op mech!</u>
Kréie meng Bouwe mol Knäpp an d'Gesiicht ...
D'Fra an d'Familjen an d'ganz Noperschaft
Ma mech de Schëll'gen da sinn ech verkaaft
`t geet mer krenonnzéng scho laang géint de Stréch
...

2.
Huet mol e Wieder dee Jéngsten erwächt ...
Huet emol mäin Noper säi Soff net geblecht ...
Kréie mol d'Hénger am Juck nuets e Schlag
Stierft mol eng Mattant, déi ons näischt vermaach
Ass härlech Wieder a jupps! dréit et sech ...

3.
Ass emol eemol kee Su an der Tak ...
Huet mol meng Fra e geschwollene Bak ...
Ma mol meng Bouwen an d'Sonndesgezai
Ass och meng Fra an hir Mattant derbäi
Wann et da richt, pu! Dat gëtt mir e Stéch ...

4.
Geet am Geschäft mol en Zänner verluer ...
Gëtt et da Pai an et geet mol net duer ...
Ass mol en Haus oder Büfdeck verbrannt
Sinn zwou Maschinnen zesummegerannt
Kritt mol ons Nopesch e gräisselecht Kand ...

5.
Huet an der Musek ee falsch mol geblos
Sabbelt e Garçon am Hotel seng Zos ...
Kritt mol ee giedlech bäi d'Läppe gemat
Werft emol de Stuerm e puer Leeë vum Daach
Huet mol e Villchen an d'Béckse gemat ...

6.
Huet iech den Owend d'Gedrénks net geschmaacht ...
Huet dir vu Langweil bal guer net gelaacht ...
Ëmmer sinn ech et, all Mënsch kritt mech drun
Neen, `t ass net wouer, souguer bal gelunn
Well gëtt beim Spillen d'grousst Lous mol gezunn
Do fällt näischt op mech, näischt op mech!

7 Spillt mam Yoyo!

Weis: *Es war einmal ein Musikus*
Musek: Friedrich Schwarz

1.
`t ass eng al Geschicht déi ech iech kloen
Péng a Suerge lafen engem no
`t ass een op der Welt fir sech ze ploen
eng klon nuets, déi aner klon am Do
Déi eenzeg Medezin,
déi ech iech do ka ginn
Dat ass: zum béise Spill gutt Minn!

<u>Wann eppes iech op d'Nerve geet</u>
Da spillt der mam Yoyo!
De Noper, dee kapéiert dat
a mécht et scho gläich no
Geet d'Welt,
geet d'Fra iech op de Mo
dann zéckt net laang
a spillt Yoyo!
Wann d'Welt och aus de Fuge geet mat all deem Krisewouscht
Da bleift iech dach de Yoyo nach als allerleschten Trouscht
Sidd dach méi lous
Am Fong,
d'ganz Liewen ass dach blouss
e latzegt, fatzegt Spillche mam Yoyo!

2.
Huelt elo ons arem Polizisten
Éiweg drunn an enger Hetz
Wa mir dack och bal verzweiwle missten
Da stäipt ons de Knëppel an d'Gesetz
Bal gëllt et hei, bal do
Mä gëtt et emol schro
Da passt een an da kuckt een no!

8 Cojellico's Jang

Weis: *In einem kühlen Grunde*
Musek: Friedrich Glück

1.
Bei einem kühlen Humpen
Da saß Cojellico's Jang
Mit einem Zigarstumpen
Und einem belschen Frang

2.
Ihm graute vor dem Bezahlen
Er dachte mit Schreck an sein Kätt
Gedachte mit höllischen Qualen
Des Besens neben dem Bett

3.
Er sah sein Kätt schon im Läppchen
Und mit der zackigen Hauff
Wie ging dem Jang da der Wäppchen
Vor dem ‚Perdo' ‚Perdauff'

4.
Den Stachel trug er im Herzen
Den belschen Frang in der Täsch
Und voll Verzweiflungsschmerzen
Bestellte er eine Fläsch

5.
Wie tief bist du gesunken
O Jang, was fängst du nun an?
Als er sich satt getrunken
Spielt er den wilden Mann

6.
Der Wirt der nahm ihn beim Sterzen
Die Police nahm ihn mit fort
Der Jang sang: ‚An eurem Herzen
da ist der sicherste Ort'

7.
In einem kühlen Grunde
Sitzt nun Cojellico's Jang
Sein Kätt hat ihn nicht geschunden
Auch blieb ihm sein belscher Frang!

9 Da schwätz ee vum Wieder!

Weis: *Wer hat bloß den Käse zum Bahnhof gerollt?*
Musek: Franz Straßmann

1.
Wiem d'Gléck net wëll, dee kann dack uerg erféi'ren
Dee kann op Schrack an Tratt sech béis blaméi'ren
Hie schéisst eng Klatz, a kees trëfft hien den Dill
Hie seet e Wuert a gläich ass et zevill
Hie gëtt mol enger Joffer präsentéiert
A well si schéin, ass hie ganz enchantéiert
Hie mécht eng Näip a schwätzt e wéineg Blech
A flang ! fiert him e Boxeknapp ewech
hie geet an d'Schong a steet do ganz geschlon
An denkt fir sech, wat hien net haart ka son :

<u>Wat sinn ech e Kéiskapp</u>
e Rëndvéi, en Draach
Dat hunn ech do nees eng Kéier gutt gemaach
'ch hat bestëmmt e schwaarzen Dag
Krenondikass! Wat hunn ech nees gerass
Wann ech sou epp's gezwiwwelt hätt
Léich ech 'lo ganz gemittlech
Mam Dokes am Bett !

2.
De Jitz deen huet e Meedche rose gären
Dräi ganzer Joer lang ower blous vu Fären
Mat him ze schwätze war hien net sou kéng
All Mënsch versteet dem Jitz seng rose Péng
Op eemol trëfft hien d'Joffer um Plëssdarem
Dem Jitz deem gëtt et wotelech a warem
Hie seet : « Bonjour! », et wor nach kees säi Brauch
Da rëtscht en aus a Wupp! läit hien um Bauch
Hie reeft sech op a bleiwt verdaddert ston
An denkt fir sech, wat hien net haart ka son :

3.
Op engem Banquet sëtzt de Jitz ze baffen
Hie blénkt a schweesst wéi wann en uerg géng schaffen
Hie knat a muelt, hie schnoffelt an hie schléckt
Hie schléit eran a fiddert wéi verréckt
't gëtt ënner aanrem och do Gaardebounen
en hätt bestëmmt domat säi Mo sollt schounen
well een, zwee, dräi, wéi hien sech eemol béckt
huet hien sech Bumm! vun hannerzech verschléckt
d'Gesellschaft kuckt, ass paff a schnoffelt schonn
de Jitz deen denkt, wat hien net haart ka son :

10 D'Riserad

Weis: *Ich weiß nicht was soll es bedeuten*
Musek: Friedrich Silcher

1.
Ich weiß nicht, was soll es bedeuten
Und wie es mir konnte gescheh'n
Ich sah einst zu Schobermesszeiten
Beim Riesenrad ein Mägd'lein steh'n
Und da es schon anfing zu dunkeln
Frug bei der Kleinen ich an
Ob sie mal mit mir wolle schunkeln
Da sagte sie : « Gern, junger Mann! »

2.
Und als in der Schaukel wir saßen
Im schwirrenden, luftigen Kahn
Da tat sie mich zärtlich umfassen
Und inniglich schmiegen sich an
Ich sah ihre Kohläuglein funkeln
Und guckte verzückt tief hinein
Dann hört ich von Liebe sie munkeln
« Dein bin ich, Arthür, ewig dein! »

3.
So fuhren wir selig zwei Stunden
Dann stiegen glücktrunken wir aus
Doch dabei ist leider verschwunden
Die holde, die zuckrige Maus
Ich wusst' nicht, was sollt' es bedeuten
Warum sie verschwand und wohin
Denn dass mein Portemonnaie war fleutem ....
Kam mir erst später in den Sinn!

11 Konfetti

Musek: *Ich hab die schönen Maderl nicht erfunden*
Musek: Ludig Schmidseder

1.
Den Téid ass net bléid
Wann hien et geréit
Dann ass hie souguer e schlauen Hond
Hie bafft gutt fir sechs
An huet en Duuscht och zufrecks
Mä soss ass de Jong kärgesond
Vu Fraleit do huet hie keent nach gelued
An dach wier sou gär hie bestuet
Aus Aangscht vrun der Freed
Hie kengem näischt seet
A séngt fir sech
D'Häerz voller Leed:

<u>Ech wëllt, ech hätt meng Täsche voll</u>
Konfetti
A jiddfer Rondel wieren dausend Frang
Da léiss bestëmmt eist lacklecht Nopeschkätti
Mech an der Péng net ëmmer gläich am Plang!
Dach fäerten ech, dat ass eng ural Seechen
De Fraleitsnaupe sinn ech op der Spur
Hätt ech blouss d'Täsche voll Konfetti steechen
Géing him Konfetti ganz bestëmmt net duer!

2.
Hien huet d'Kätt am A
Mä traut kenger Fra
Hie fäert jo, si géing ëm eppes do'n
Hie leeft enger no
Mä stellt déi him dann eng Fro
Da weess hie kee Wuert méi ze son
Als ganz gudde Chrëscht
Hien nëmme gelëscht
Verdéngt do den Ochs keng bei d'Këscht
Wéi schuddert hie sech
Geet eppes an d'Bréch
Da kräischt en a souert fir sech:

12 D'Kanéileliss vu Weier

Weis: *Mariechen saß weinend im Garten*
Musek: trad.

1.
D'Kanéiliss vu Weier
Hat ëmmer fatzeg Gléck
't hat net en eenz'ge Freier
Neen, 't hat direkt dräi Stéck
dat Eent, dat wor de Schweinshiert
den Aanren handelt Kéis
den Drëtte wor e Klautgen
mat schweesseg Hänn a Féiss

2.
D'Kanéiliss vu Weier
Goung kafe mol an d'Stad
Da gonge vun de Freier
Si allen dräi schéi mat
Deen Een, deen huet choiséiert
Deen Aanre sot : « Ka gon »
Deen Drëtten, dee konnt blechen
An nach de Päckchen dron

3.
D'Kanéiliss vu Weier
Dat wor net grad esou
't wor net mat engem Freier
mee mat en alle frou
deen Een, dee konnt et këssen
deen Aanre këss'n a méi
deen Drëtte konnt et kucken
an dat dong kengem wéi

4.
D'Kanéiliss vu Weier
Sollt dunn e Këndche kréin
Wien d'Schold hat, woren d'Freier
Keng dräi, mee nëmmen zwéin
Deen Een dat wor de Vueder
Deen Aanre wor de Père
Den Drëtte wor e Rëndvéi
Dee goung mat bäi den Här

5.
D'Kanéiliss vu Weier
Ass haut eng gräisslech Tut
't ass frou, datt vun de Freier
hatt nach de leschte krut
deen Een dee louss et sëtzen
deen Aanre sot : « Gott vergelt's »
deen drëtten Iesel huet hatt
säi Liewe laang um Pelz

13 Hätt ech dach Tubak-bak

Weis: *Vu mengem Dueref*
Musek: Edmond Lentz

1.
Ech sinn am Kapp grad wéi verneelt
Wat ass blouss mat mir lass?
Keen Dokter fonnt et wat mir feelt
Kräitzhimmelnondikass!
Ech fueren a meng Täsch eran
A flang! Weess ech Bescheed
Ech zéi'n eraus, `t ass näischt méi dran
Scho kennen ech mäi Leed!

<u>Hätt ech dach Tubak-bak</u>
Eng Zigarett am Sak
Eng säfteg Jick am Bak
Ech géif mäi leschte Wak
Mä eidel ass meng Tak
Wat déngt do all Gequak
D'ganz Welt ass Buttekpak, ouni den Tubakbak!

2.
Ech soutz um Dësch, den Teller voll
Derbäi e gutt Glas Wäin
Wann een dat haut vläicht net so soll
Ech hat et an `t war mäin
An dach krut ech näischt ofgeschléckt
Mäi Fall war zimlech schlëmm
De Patron frot, wat mech wuel dréckt
Ech sot: „Wat hunn ech d'Flemm!"

3.
Ech soutz am Park op enger Bänk
Meng Freiesch soutz derbäi
Si hat mech fest beim Handgelenk
A sot: „`lo bleifs du hei!"
Ech hu gekeimt, hatt huet geliicht
A frot: „Wat soll et sinn?
Wat méchs du fir en treischt Gesiicht?
Wou ech dir alles ginn!"

14 En Auto oder eng Fra?

Musek: Georges Urwald

`t lescht frot een: „Wat häss de léiwer
ass `t en Auto od'r eng Fra?"
Léiwe Frëndchen, hues du Féiwer?
Näischt dervu stécht mir an d'A!

1.
Sou eng Fra, déi kascht Montouren
An en Auto kascht Benzin
An `t ass schwéier mat e fueren
Jo, dat huet mer dack gesinn
Sou en Auto muss ee schmieren
Dat wëllt och eng Fra alt hunn
Ower kanns du dech net wieren
Da schmiert si dech selwer un

2.
Fra an Auto kréie Pannen
an `t ass all kleng Kand bekannt
dass du blouss beim Kaf kanns wannen
wann s d'se kriss aus zweeter Hand
Bei dem Auto platzen d'Reefer
Ouni dass du selwer d'Schold
bei der Fra do platzt am Äifer
all Dag sechsmol dir d'Gedold

3.
An dem Auto, jo do kanns de
Drei bis siwe Plaze kréin
D'Fraleitshäerzer, je, wat granz de
Hunn op d'mannst grad Plaz fir zwéin
An dem Auto, jo do flitts de
Gutt mat zwanzeg Päerd duerch d'Gaass
Mä esou eng Fra déi kriss de
Dach mat fofzeg Päerd net lass!

4.
Fiers am Auto du ze äerdeg
Kanns de d'ënnescht, d'iewescht gon
Dat bréngt schonn eng Fra gutt fäerdeg
Ouni Hupp an ouni Won
Kënnt en Auto, gëtt Kaméidi
An du weess, d'Gefor ass do!
Mä all Fra kënnt wéi eng Lady
An de Krach kënnt hanneno!

15 Scarabee

Weis: *La femme à la rose*
Musek: C.A.Abadie

1.
`t gëtt Leit mat Nuese wéi eng Cornichong
deen hei deen huet eng wéi e Schong
Deen do deen huet eng wéi eng Gromper
deem hei seng, mengt een, déi kréich Jong!
Mä déi am allerbeschte mir gefällt
Dat ass eng kleng blorout, verbellt
Eng klinzeg, binzeg, blëtzeg, blénkeg
Déi schéinsten Nues op dëser Welt!

<u>Déi ass gewichst mat Scarabee</u>
Si flaamt a blëtzt wéi d'Sonn am Mee
Scho v'run dräidausend an honnert Joer
Wéi nach kee Gas a kee Petrol wor
Du gouf et schonn e Kiewerléck
Mat engem blénk'ge Schëllerstéck
Deen nuets geliicht huet op Wee a Stee
`t wor wéi mer seet, déi éischt Scarabee!

2.
`t gëtt Leit mat Tocks- a Stréi- a Waasserkäpp
déi eng hunn Hoer, déi aner keng
Deen do huet d'Boss wéi eng Sahara
Deen hei eng déck, deen do eng kleng!
Deen huet eng grad ewéi e Stoppelfeld
Mä déi am beschte mir gefällt
Dat ass eng plakeg, blëtzeg, blénkeg
Déi schéinste Boss op dëser Welt!

3.
`t gëtt Mouden haut krënondiscarabee
et huet ee besser näischt ze son
fir datt ech keng vun iech blesséi'ren
a fir dass keng sech ka beklon
Mä op en héige Wissbam an der Stad
Duer hunn s'eng gëlle Fra gesat
Eng schlankeg, schankeg, blëtzeg, blénkeg
Déi schéinste Fra, déi d'Welt nach hat!

16 D'Lidd vun de Schanken

Weis: *Ich lass mir meinen Körper schwarz bepinseln*
Musek: Friedrich Holländer

1.
Schirb'len, Schanken, nëmme méiglechst al
Dat gëtt haut staark gesicht
`t ass wéinst der Weltgeschicht!
All dat léiss ons aner zimlech kal
Mä`t mécht ee stéits dat Neist
Wat d'Wëssenschaft eem weist!

<u>Ech loosse mir meng Schanken</u>
numeréi'ren, numeréi'ren!
Ech kann se duerop net sou liicht verléi'ren, liicht verléi'ren
Wann no zéngdausend Joer dann een s'entdeckt
A wann se verdreckt
Se schéi propper leckt!
Da kann ee mäi Kadaster remontéi'ren, remontéi'ren
A mech an engem Musée exposéi'ren , exposéi'ren
Da ginn ech een, zwee, dräi eng grouss Celebritéit
An hu Verdéngschter fir d'Humanitéit!

2.
Munch'ree léiss e Sak mat Sue lei'n
Hätt hien eng Schank gewonn
D'Leit gläiche bal den Honn
Wou kann d'Mënschheet sech esou gehei'n
Déi Schanke rëm ze rei'n
dat maachen ech méi fein!

17 In einem kleinen WC

Weis: *In einer kleinen Konditorei*
Musek: Fred Raymond

1.
Was vom Gesöffs und vom Geschlupps nicht alkoholisch
Das macht den Menschen miserabel melancholisch
So mancher gammst nach einem Humpen wie das Schwein nach dem Trach
Und räpst immer nach und säuft wie ein Lach.
Das Früh-zu-Bett fällt ihm so schwer wie das Erwächen
Er zillt allmählich sich ein Bäuchel wie ein Dächen
Und weil das so Brauch, probierte ich's auch
Und ging heim mit struppvollem Bauch

<u>So eine kleine, kleine im Batz</u>
das geht in die Klatz,
doch schadet kein Fatz
Es kam vom Bier,
es kam auch vom Schnapps,
da ging mir der Wapps
und das nicht zu knapps
Das einundzwanzigste Glas Bier das sickert leise
durch die Schleuse
ins Hauptquartier
doch das Gesöffs das war nicht umsoss
ich hupte und goss den Saster an d'Strooss

2.
D'läscht Abicht kruten wir ein Plättel Gaardebounen
das beste Futter für lebendige Kanounen
und weil sie uns so gut geschmochen aßen wir uns puppsatt
und tranken domatt so munnichen Patt
Doch plötzlich gab es links und rechts so Explosiönchen
Zuerst in halben, dann auch rrrumm ! in ganzen Tönchen
Und dann kamen im Nu noch Kollicken dazu
Und der Auspuff hielt nicht mehr zu

In einem kleinen, kleinen WC,
da saßen mir zwee
den Bauch ach so weh
zuerst schoss er und dann brummte ich
es mipste und fich
nach Darmstädter Krich
Und das hygienische Papier es knistert leise
Eine Weise in schissbémoll
Und als wir fertig zog er am Griff
Ich gab für den Kniff die Quittung mit Piff!

18 Kéifaarwegblond!

Weis: *Kornblumenblau*
Musek: Gerhard Jussenhoven

1.
Fréier war schwaarz ëmmer donkel
Donkel dat war keemol hell
Donkel an och e Gefonkel
Mä kuckt wéi ass `t ewell
Eng schwaarz Zara déi stécht dir an d'A
Mä do kannst de näischt man
Wéinst der Farw leefs d'er no
Do ass keng Fro
Gläich drop ass déi net méi do
Well de Moud den ass:

<u>Kéifaarwegblond</u>
schéi blond Hoer déi kann ee schonn ierwen
Kéifaarwegblond
Wéinst der Moud loossen d'Fraleit sech fierwen
D'Hoer, d'Neel an d'Baken, d'Kaz an den Hond
Jo, si si gär iwwerall kéifaarwegblond!

2.
Hues de mol mat denger Modi
Éirewou haut Rendez-vous
Gëtt et verdeiwelt gär Zodi
Well hatt verdierft däi Goût
Well d'schwaarz Louder déi kënnt dann een Dag
Ganz tiptop raus gemaach
Mä du kenns et net méi
`t deet der bal wéi
ower do dénge keng Schléi
well de Moud deen ass:

3.
Wëlls du dech haut mol bestueden
Freet dech da gären deng Mamm
Dat wats de dir wëlls oplueden
Ass et kee Gréngt, deng Flam?
`t ass pechschwaarz sees de houfreg zu hir
an een Dag stells d'et vir
Gott dann hues de gelunn
D'Mamm kuckt dech un
Well `t ass näischt Schwaarzes méi drun
Well de Moud den ass:

19 Schlusspotpourri:

Rammy - Ech hu keen Auto - Mir sinn am Schwonk – Meng Mod- `t ass aus!

Weisen: *Bel ami – Ich hab kein Auto – Sie hieß Marie – Paris, du bist die schönste Stadt der Welt – Funiculi, Funicula*
Musek: Theo Mackeben – Robert Gilbert – Wilhelm Gabriel – Theo Mackeben – Luigi Denza

E klenge Feeler, dee muss jidd'reen hunn
Deen hei drénkt näischt, deen do stréckt sech eng un!
Dee ka vu kengem Framënsch eppes héi'ren
Deen ower kann sech net dervu bekéi'ren
Deen een, dee lieft a suergt nëmme fir sech
Deen Aneren net, mä léisst dann d'Fra am Stéch
All Feeler deen ee sou begeet
Dee mécht verdeiwelt Freed

<u>Wou bei mir d'Schwaachheet sëtzt: beim</u>
Rammy!
Wou deen hei d'Geld verbëtzt: beim Rammy!
Ass `t och nach esou bléid
Dass dat mir de Kapp verdréit
Op `t geréit, `t gëtt gespillt, fréi a spéit!
Wann ech dann sou am Zock ganz versiess
Hunn ech d'Welt an all Zodi vergiess
An eng Bomm héil mer ni
Da meng Rou, och keng Batt'ri
Beim Rammy, beim Rammy, beim Rammy!

<u>Ech hu keen Auto</u>
Ech hu keng Eisebunn
Dat eenzeg wat ech hunn
Ech hunn eng un!
Ech si keen Zubkoff
Keen Dokter Voronoff
Dat eenzegt wat ech sinn
Ech si besoff!
Ech kann net schreiwen
Mam Liese geet et schro
Muss hanne bleiwen
Ech komme vir jo guer net no
Ech maache glat näischt
Mat mengen décke Fäischt
Dat eenzegt wat ech man
Ech maache blo!

<u>Mir sinn am Schwonk!</u>
Sat wéi eng Onk
Mä Gott sei Dank hu mir näischt
Schlechtes nach gedronk
Mir hunn haut fonnt
`t ass ganz gesond
well do vergësst een, datt sou Villes haut um Hond
Wann haut ee mengt, hien hätt eng Ham
Dann ass et dach nach knapps ee Stronck
O Mamm wéi déif si mir gesonk
Wéi dack schon hannert engem Zonk huet et gestonk!

Mir sinn am Schwonk
Sat wéi eng Onk
Mä Gott sei Dank hu mir näischt
Schlechtes nach gedronk!

<u>Meng Mod!</u>
Du bass dat Schéinst, du bass dat Bescht
Meng Mod
Du kënns nach laang net hei fir d'lescht
Du Lëtzebuerger aartlech Kand
Du bass bestëmmt de gréisste Bijou
Dee mir hei am Land
Meng Mod!
Mir si fir dech wells du ons schmaachs
Meng Mod
Mir sinn ewech wanns du ons laachs
Meng Mod
Du bass bestëmmt déi gréisste Gnod fir Lëtzebuerg!

<u>`t ass aus!</u>
De ganzen Zodi ass eriwwer
`t ass aus, `t ass aus!
D'ganzt Haus, dat wibbelt an et freet sech driwwer mat vill Applaus
Fillt dësen oder deen sech och blesséiert, mir si gewëss
A wann et nieft dem Gudden och gehéiert, dir gitt be-klaakt!

`t deet näischt, `t deet näischt
`t ass ons klakegal
`t deet näischt, `t deet näischt
`t léisst ons schudderkal
mir ruffen all aus engem Monn
mir ruffen all aus engem Monn
Himmelnondinonn
An `t bréngt een d'nächst Joer nees eng ronn!

Bonus:

Weis: *Ich wollt' ich wär ein Huhn!*
Musek: Peter Kreuder
Text: Degrells ‚Jhang'

Wat wier dat schrecklech schued
Hätt ech verpasst dee Stued
Wéi domm hätt ech déi äiseg Nuecht
Am waarme Bett verbruecht!
't gëtt näischt op dëser Welt
Dat mir sou gutt gefällt
Wéi wann am Stued Cojell'co's Jang
Séngt d'Weis vum "belsche Frang"!

Wann ee sou munech "schlüpf'rescht" Lidd
Am Stued bäim Patt ze héi're kritt

Wann d'Jongen am ale Frack
An d'Meedercher am Plomme-Rack
Hir Lidder sangen, wier et schued,
hätt ee verpasst dee "Stued"!